# OhKäl!


DE MAGASINN



AUSGAB
NUMÉRO
02/24

# Liebe Mitbürgerinnen und liebe Mitbürger

## *Chères concitoyennes et chers concitoyens*



**DE** Sie halten die neue Ausgabe unseres Magazins *OhKäl!* in Ihren Händen. Unter den behandelten Themen möchte ich den Artikel „Fir eng propper Gemeng“ (Ich trage zur Sauberkeit meiner Gemeinde bei) hervorheben, da es sich hierbei um ein Thema handelt, das uns alle betrifft. Unsere Grünflächen, Parks, Wanderwege und das Naturschutzgebiet Léiffrächen sind Orte der Ruhe, des Wohlbefindens und der Erholung, die wir alle gerne nutzen. Ob mit der Familie, mit Freunden oder mit unseren vierbeinigen Freunden – hier können wir uns erholen und nach Lust und Laune eine gute Zeit verbringen. Die Dienste der Gemeindeverwaltung legen großen Wert auf die ständige Pflege und Verschönerung dieser Flächen, aber ich denke, das geht uns alle etwas an. Aus Respekt vor unseren Gärtnerteams und aus gegenseitiger Rücksichtnahme sollte jeder von uns dazu beitragen, unsere Gemeinde schön und sauber zu halten.

Unsere Gemeinde ist unser Lebensraum. So greifen die Rubriken News und Rückblick die Ereignisse und Veranstaltungen auf, die in den letzten Monaten bei uns stattgefunden haben. Sie zeugen von der Geselligkeit und dem guten Einvernehmen, die unter

uns herrschen. Ich bin stolz auf das umtriebige Vereinsleben, das sich in Kayl und Tetingen etabliert hat; wir zählen nicht weniger als 93 Vereine, und jeder trägt mit seinen Aktivitäten zum sozialen Zusammenhalt bei. Die Lebensqualität ist eine Angelegenheit der Gemeinschaft, und jeder spielt dabei eine wichtige Rolle: Die Einwohner, indem sie ein respektvolles Miteinander pflegen, ebenso wie die Gemeindeverantwortlichen, indem sie die notwendigen Infrastrukturen, Einrichtungen und Dienstleistungen zur Verfügung stellen.

Ich schließe dieses Editorial, indem ich Ihnen einen schönen Sommer wünsche und hoffe, Sie zahlreich bei den nächsten Festen und Veranstaltungen anzutreffen!

**FR** *Vous tenez en vos mains la nouvelle édition de notre magazine OhKäl!. Parmi les sujets abordés, je tiens à soulever l'article « Fir eng propper Gemeng » (Je contribue à la propreté de ma commune) car il s'agit d'une thématique qui nous concerne tous. Nos espaces verts, nos parcs, nos chemins de randonnée et la réserve naturelle Léiffrächen sont des endroits de repos, de bien-être et de récréation dont nous aimons tous profiter. En famille, entre amis ou en compagnie de nos amis à quatre pattes, ces espaces nous permettent de nous ressourcer et de passer du bon temps au gré de nos envies. Les services de l'Administration communale mettent un point d'honneur à l'entretien et l'embellissement constant des ces espaces, néanmoins je pense que c'est l'affaire de nous tous. Par respect pour nos équipes Jardinage et par respect mutuel, gardons notre commune belle et propre.*

*Notre commune, c'est notre lieu de vie. Ainsi, les rubriques News et Rétrospective reprennent les événements et les manifestations qui ont eu lieu ces derniers mois. Ils témoignent de la convivialité et de la bonne entente qui règne parmi nous. Je suis fier de la vie associative riche qui s'est installée ; nous comptons pas moins de 93 associations et chacune contribue, par ses activités, au lien social. La qualité de vie est une affaire de la communauté, chacun y joue un rôle important : les habitants en faisant preuve de civilité aussi bien que les responsables communaux en mettant à disposition les infrastructures, installations et services nécessaires.*

*Je termine cet éditorial en vous souhaitant un bel été et en espérant vous rencontrer nombreux lors des prochaines fêtes et manifestations !*

**Jean WEILER**
**Ihr Bürgermeister** *votre bourgmestre*

# OhKäl!

DE MAGASINN

02/24

6 NEWS / ACTUALITÉS



**News**
Actualités

8 MENG GEMENG / MA COMMUNE

**Foto-Réckbléck**

1. Les Sculpteurs de Clair-Chêne
2. Hidden Treasures
3. Kannerkavalkad 2024
4. Blummefest 2024

20 MENG GEMENG / MA COMMUNE

**Fir eng propper Gemeng**
Une commune propre

22 MENG GEMENG / MA COMMUNE

**Ëmweltpräis vun der Gemeng Kayl-Téiteng**
Aufruf zur Bewerbung / Appel à candidatures

**ÉDITEUR RESPONSABLE**
Collège des bourgmestre et échevins

**COORDINATION**
Service relations publiques

**RÉDACTION**
Comité de rédaction Magasinn

**PHOTOS**
Black Magic Tea
Administration communale de Kayl

**RÉALISATION GRAPHIQUE**
Kaiwa Studio

**IMPRESSION**
Imprimerie HEINTZ

24 MENG GEMENG / MA COMMUNE

## Alkohol a Schwanger-schaft?

"Een, zwee Glieser wäerte jo net sou schlëmm sinn…"

26 MENG GEMENG / MA COMMUNE

## SEA Widdem C1

Op Besuch bei de Pompjeeën

28 MENG GEMENG / MA COMMUNE

## Anti-Gaspi

Foire Anti-Gaspillage

30 MENG GEMENG / MA COMMUNE



## First Lego League Widdego

32 EVENT-AGENDA

## Event-Agenda

# News

## De Kulturminister besicht d’Schungfabrik

### *Visite du Ministre de la Culture à la Schungfabrik*

LU Den Eric Thill, Kulturminister, a Begleedung vum Jo Kox, Generalkoordinator an dem Nathalie Kerschen, Chargée de mission Musées régionaux, gouf vum Jean Weiler, Marco Lux a José Gonçalves zu Téiteng an der Schungfabrik empfaangen. Um Programm stoung eng Visitt vun dësem geschichtsträchtege Gebai, vum Musée FERRUM an eng Presentatioun vun der kultureller Offer an den touristeschen Highlights aus dem Käldall.

„Déi regional Kultur gëtt vun Haiser wéi der Schungfabrik gedroen. Et sinn hir kulturell Aktivitéiten, déi de Biergerinnen a Bierger erméiglechen, uerchter d‘ganzt Land vun enger breeder an diversifiéierter Offer ze profitéieren. Den neie Musée FERRUM, deen d’Gemeng Käl-Téiteng gegrënnt huet, mat de pedagogesche Workshoppe fir Kanner, dréit net nëmmen zum kulturellen Angebot an der Regioun bäi, mee e valoriséiert eise Patrimoine culturel aktiv. En anere Projet, deen der Gemeng hiren Engagement fir de Patrimoine weist, ass d’Feier op Bäerbelendag, déi zënter November 2022 um nationalen Inventaire vum immaterielle Kulturierwe steet.“
*Eric Thill*



# Actualités

FR *Eric Thill, ministre de la Culture, accompagné de Jo Kox, coordinateur général et de Nathalie Kerschen, chargée de mission Musées régionaux, a été accueilli par Jean Weiler, bourgmestre, Marco Lux et José Gonçalves, échevins, à Tétange au Centre culturel Schungfabrik pour une visite guidée de ce bâtiment emblématique, du Musée FERRUM et pour découvrir l'offre culturelle et les atouts touristiques du Käldall qui y sont étroitement liés.*

*« La culture en région est portée par des lieux comme la Schungfabrik, ce sont leurs activités culturelles qui permettent aux citoyen/nes de bénéficier d'une offre riche et diversifiée dans tout le pays. Le nouveau Musée FERRUM que la municipalité de Kayl/Tétange a créé au sein de la commune, avec ses ateliers pédagogiques, contribue non seulement à l'offre culturelle de la région, mais valorise également activement la préservation de notre patrimoine culturel. Un autre projet exemplaire témoignant de l'engagement de la commune envers son patrimoine est la fête de la Sainte Barbe (Bäerbelendag), inscrit à l'inventaire national du patrimoine immatériel depuis novembre 2022. »*
Eric Thill



# News

## Grondsteeleeung um neie Campus Widdem

*Pose de la première pierre pour le nouveau Campus Widdem*



**LU** A Presenz vun de Ministere Léon Gloden (Affaires intérieures), Claude Meisch (Education nationale, Enfance et Jeunesse) a Georges Mischo (Sports), dem Buergermeeschter a Schäfferot, de Vertrieder vum Gemengerot, vun der Schouldirektioun a -kommissioun esouwéi den involvéierten Entreprisen gouf de 26. Abrëll feierlech de Grondstee fir den neie Campus Widdem geluecht.

Bis 2028 entsteet hei een neit integratiivt Schoulgebai mat 29 Klassesäll, enger SEA-Struktur an enger Sportshal. Déi al Jongeschoul gëtt komplett renovéiert an den nei ugeluechte Schoulhaff gëtt vergréissert an zitt sech bis op en Deel vum Parvis vun der Gemeng.

Den neie Campus Widdem dréit der zukünfteger Entwécklung vun eiser Gemeng Rechnung: e bitt Plaz fir ronn 500 Kanner vun den Cyclen 1 bis 4.

**FR** *En présence des ministres Léon Gloden (Affaires intérieures), Claude Meisch (Education nationale, Enfance et Jeunesse) et Georges Mischo (Sports), du collège des bourmestre et échevins, des représentants du conseil communal, de la direction de l'enseignement fondamental et de la commisson scolaire ainsi que des entreprises impliquées, la première pierre du nouveau Campus Widdem a été solennellement posée le 26 avril 2024.*

*Ce projet d'envergure qui sera inauguré en 2028 comprend la construction d'un nouveau bâtiment scolaire « intégratif » intégrant l'éducation formelle avec 29 salles de classe et l'éducation non formelle (SEA). Le bâtiment de l'ancienne école des garçons sera entièrement rénové. La cour d'école sera agrandie de sorte à ce qu'une partie du parvis de la mairie sera intégré dans la future cour de récréation.*

*Le nouveau Campus Widdem tient compte du développement prévisionnel de notre commune: 500 enfants des cycles 1 à 4 pourront y être accueillis.*

# Actualités



## Ee Bam fir all Puppelchen

DE Seit mehr als 25 Jahren ehrt die Gemeinde die im Vorjahr geborenen Kinder durch Baumpflanzungen. Die Veranstaltung „Ee Bam fir all Puppelchen" 2024 fand am 23. März im Park Hummerland statt. Die Eltern der 94 im Jahr 2023 geborenen Babys konnten entscheiden, ob sie einen Baum erhalten, um ihn bei sich zu Hause zu pflanzen, oder ob sie ihn von der Gemeinde pflanzen lassen wollten. Dies war auch eine Gelegenheit, einen geselligen Moment miteinander zu verbringen.

FR *Depuis plus de 25 ans, la commune met à l'honneur les bébés nés l'année précédente par la plantations d'arbres. La manifestation « Ee Bam fir all Puppelchen » 2024 a eu lieu le 23 mars au parc Hummerland. Les parents des 94 bébés nés en 2023 ont ainsi pu choisir de recevoir un arbre pour le planter chez eux ou de le faire planter par la commune. Ce fut également l'occasion de passer un moment convivial.*

## Vereedegung vum Carlo Birchen

*Assermentation Carlo Birchen*

LU 6. Mäerz 2024: Am Virfeld vun der Gemengerotssëtzung à huis clos, déi deen Dag um Programm stoung, huet de Buergermeeschter Jean Weiler den Här Carlo Birchen als LSAP-Représentant am Gemengerot vereedegt.

FR *6 mars 2024 : En amont de la réunion du conseil communal à huis clos programmée ce jour-là, Monsieur le Bourgmestre, Jean Weiler, a procédé à l'assermentation de monsieur Carlo Birchen en tant que représentant LSAP au conseil communal.*



# News

## Erneuerung des CFL-Parkplatzes in Kayl

*Réaménagement du parking CFL à Kayl*



LU Seit dem 22. März 2024 ist der Parkplatz beim Bahnhof in Kayl wieder für die Bürger*innen zugänglich, nachdem er komplett erneuert wurde. Hier wurde das Konzept eines ökologischen Parkplatzes umgesetzt. Dieses reduziert die Versiegelung des Bodens auf ein Minimum, da das Regenwasser im Boden versickern kann. Das restliche Oberflächenwasser wird mittels offener Gräben abgeleitet.

Die Anzahl der Parkplätze wurde von 30 auf 72 erhöht, darunter drei Behindertenparkplätze und zwei Ladestationen für E-Autos (Chargy Ladestation). Eine M-Box erlaubt es den Radfahrern ihr Rad sicher abzustellen, während sie mit dem Zug fahren.

Im Zuge der Bauarbeiten wurde die Unterführung unter den Bahngleisen saniert und eine öffentliche Beleuchtung installiert. Von der Unterführung aus führen eine neu gebaute Treppe und eine Rampe für gehbehinderte Mitbürger zum Parkplatz beziehungsweise zum Bahnhof.

Neben den genannten Arbeiten wurde ebenfalls ein neues Regenüberlaufbauwerk in der Abwasserkanalisation, welche entlang des Biermecht-Bachs verläuft, installiert. Das vorhandene Bauwerk erfüllte nicht mehr die aktuellen gesetzlichen Anforderungen bezüglich der Abwasserbehandlung. Zudem ermöglicht der neue Standort des Regenüberlaufs eine bessere Zugänglichkeit für Instandhaltungsarbeiten. Das alte Bauwerk befand sich auf Privatgelände und war schwer zugänglich.

FR *Le parking à la hauteur de la gare à Kayl est de nouveau accessible depuis le 22 mars 2024, après avoir été intégralement réaménagé. Il a été recouru au concept d'un parking écologique afin de limiter l'imperméabilisation des sols et de mettre œuvre un concept d'assainissement des eaux pluviales par infiltration et par évacuation par cunettes.*

*Le nombre d'emplacements pour véhicules a été augmenté de 30 à 72, dont trois emplacements pour personnes à mobilité réduite*



*et deux permettant de charger des voitures électriques (borne Chargy). Une M-Box a également été mise en place permettant aux usagers du train d'y laisser leurs vélos en toute sécurité pendant leurs voyages.*

*Le passage souterrain en-dessous des voies de chemin de fer a été remis en état et un éclairage public a été installé. A partir dudit passage souterrain des escaliers et une rampe pour personnes à mobilité réduite mènent au parking respectivement à la gare.*

*En plus des travaux précités, un nouveau déversoir a été installé au niveau de la canalisation des égouts publics longeant le ruisseau Bermicht. L'ancien déversoir ne remplissait plus les normes actuelles en ce qui concerne le traitement des eaux usées. En outre, le nouvel emplacement permet un meilleur entretien du déversoir, étant donné que l'ancien était situé sur un terrain privé.*

# Info travaux

**LU Hei fannt dir en Iwwerbléck zu klengeren a gréissere Chantieren an der Gemeng.**

1. Ëmrüsten vun der Strossenbeliichtung an der Gemeng op LED
- Energiespueren
- Eenheetlech Beliichtung vum Strosseraum

Am Joer 2019 gouf mam Programm vum Ëmrüste vun der Stroossebeliichtung ugefaangen. Säitdeem sinn 72 % vun den Luuchten op de Gemengestroossen ëmgerüst. Et ass virgesinn, déi bleiwend Luuchte bis 2026 ze erneieren.

**2. Rue Neuve: Réaménagement vum Iwwergang fir Foussgänger a Cyclisten**
- **Verbessert Sécherheet fir d'Notzer.innen**
- **Verbessert Beliichtung**

***FR Ici, vous trouvez des informations sur différents travaux réalisés dans la commune.***

*1. Remplacement de l'éclairage public par des LED*
- *Économies d'énergie*
- *Uniformisation de l'éclairage*

*Le programme de remplacement de l'éclairage public par des LED a été lancé en 2019. A ce jour, 72% de l'éclairage du réseau routier a été changé. Il est prévu de terminer ce programme en 2026.*

*2. Rue Neuve : Réaménagement du passage pour piétons et cyclistes*
- *Meilleure sécurisation pour les usagers*
- *Éclairage amélioré*



*Exposition*

# Les Sculpteurs de Clair-Chêne














*Exposition*
# Hidden Treasures

by Martine Pinnel










KAYL
KAYL

*Käl-Téiténg*

# Kannerkavalkad 2024










12




GRILL PETZ










# Blummefest 2024









# Fir eng propper G

## *Une commune propre*

LU D’Propretéit vun eiser Gemeng geet eis all eppes un – Foussgänger, Cyclisten an Autosfuerer profitéiere genausou vun enger propperer Natur wéi d’Fauna an d’Flora an eisem natierlechen Ëmfeld. Ee vun de primären Objektiver vun enger Gemengeverwaltung ass d’Salubritéit vum hirem Terrain ze garantéieren.
Dës Aufgab manifestéiert sech an der Praxis duerch aktiv Aktiounen wéi dem Vidage vu privaten an ëffentlechen Dréckskëschten oder dem Asammle vun illegal deponéiertem Offall a klengen a grousse Quantitéiten, dëst an enker Zesummenaarbecht mam CIGL Käl-Téiteng. Mee awer och duerch d’Bereetstelle vu Mëttelen, déi et den Awunner erméiglechen, hiren Offall ze entsuerge wa si ënnerwee sinn. Dozou gehéieren net nëmmen iwwer 200 ëffentlech Dréckskëschten um Terrain vun der Gemeng, mee och méi wéi 50 Spendere fir Hondstuten, vun deenen iwwer 1000 Stéck pro Joer verbrauch ginn. Well och organeschen Offall ass Offall.
Mir soen all deene Leit Merci, déi am Sënn vun engem gesonden an ziviliséierte Mateneen aktiv mathëllefen, eis Gemeng propper ze halen.

FR *La propreté de notre commune est l'affaire de tous - les piétons, les cyclistes ou les automobilistes profitent autant d'un environnement propre que la faune et la flore qui nous entourent. Ainsi, l'une des premières missions d'une administration communale consiste à garantir la propreté et la salubrité de son territoire.*

*En pratique, cela se traduit par exemple par le vidage des poubelles publiques et privées. Mais aussi par le ramassage des déchets illégalement déposés en petites et grandes quantités, ceci en étroite collaboration avec le CIGL Käl-Téiteng. Mais ces tâches comprennent également la mise à disposition de moyens permettant aux habitants de se débarrasser de leurs déchets dans les lieux publics. Pour ce faire, notre commune ne compte pas moins de 200 poubelles publiques, mais*



# Gemeng

*aussi plus de 50 distributeurs de sacs pour déjections canines, dont plus de 1000 unités sont utilisées chaque année. En effet, les déchets organiques sont également des déchets.*

*Nous souhaitons exprimer notre gratitude à tous les habitants qui contribuent activement à maintenir notre commune attrayante et propre, dans l'esprit d'une cohabitation respectueuse et agréable.*



## Grouss Botz *2024*

**LU** De Samschdeg, den 23. Mäerz 2024 hu sech iwwer 100 Biergerinnen a Bierger am Gemengen-Atelier getraff fir d'Natur ze botzen. Organiséiert gouf des Aktioun vun der Ëmweltkommissioun an enker Zesummenaarbecht mam Service écologique vun der Gemeng.

Op engem Wee vun insgesamt 44 km gouf den Dreck agesammelt dee muttwëlleg hannerlooss ginn ass. Esou konnten ca. 300kg Knascht agesammelt ginn.

Famillje mat Kanner, Veräiner, Jugendpompjëeen an d'Jugendhaus hu mat vill Engagement matgemaach. Nodeems den Dreck opgeraf gouf, hu sech d'Ekippe fir d'Mëttegiessen zesummefonnt – dëst als Merci fir d'Aarbecht, déi geleescht gouf.

Eng Woch virun der grousser Botz hat de CIGL Käl-Téiteng d'Kälbach gezilt propper gemaach. Och wärend dëser Aktioun ass opgefall, dass beachtlech Quantitéiten un Dreck esouwuel an der Bach wéi och niewent der Bach hannerlooss goufen.

**FR** *Le samedi 23 mars, plus de 100 citoyen.nes motivés se sont retrouvés à l'atelier communal pour nettoyer ensemble la nature dans le cadre de l'actioun Grouss Botz. Cette action d'utilité publique a été organisée par la commission de l'environnement, en étroite collaboration avec le service écologique de l'administration communale.*

*Les déchets laissés volontairement par les pollueurs ont été ramassés sur une distance totale de 44 kilomètres. A la fin de la journée, un poids total de plus de 300 kg de déchets a été récolté.*

*De nombreuses familles et associations, la section jeunesse des pompiers ainsi que la maison des jeunes ont participé avec enthousiasme. Pour clôturer l'action et remercier tous les participants, l'administration communale a proposé un déjeuner dans une ambiance conviviale.*

*Une semaine avant le début de la Grouss Botz, le CIGL Käl-Téiteng avait déjà nettoyé la Kälbaach. Là aussi, des quantités considérables de déchets ont été ramassées au milieu et le long du ruisseau.*

# Ëmweltpräis vun der Gemeng Käl-Téiteng

*Aufruf zur Bewerbung / Appel à candidatures*

DE Die Umweltkommission ruft alle Bürger*innen und lokalen Vereine der Gemeinde Kayl dazu auf, ihre Projekte und/oder Aktivitäten, welche die im Folgenden genannten Kriterien erfüllen, bis zum 15. September 2024 einzureichen und die benötigten Anlagen beizufügen, wie z.B. die erhaltenen Zertifikate und eine kurze Beschreibung und/oder Fotos des Projekts oder der Aktivität.

Mitmachen können alle Einwohner*innen und lokalen Vereine, deren Projekte und Aktivitäten mindestens eines der Kriterien in den drei nachfolgenden Kategorien erfüllen:

**Umwelt**
Umsetzung von ökologischen Projekten und Erhalt der Biodiversität, wie z.B. die Anlage von Streuobstwiesen, von natürlichen Hecken, einer Fassadenbegrünung, einer extensiven Dachbegrünung, der Erhalt von bemerkenswerten Bäumen, der Bau oder Wiederaufbau von Trockenmauern;

Aktivitäten in der natürlichen Umwelt, wie beispielsweise Putzaktionen im Gelände, pädagogische Aktivitäten, die Produktion von Nahrungsmitteln auf Basis von lokalen Produkten.

**Grüne Veranstaltungen „Green Events“**
Um für den Umweltpreis in Frage zu kommen, muss die Veranstaltung die Zertifikation „Green Event“ vom Umweltministerium erhalten haben.

**Bemerkenswerte ökologische Gebäude**
Die Voraussetzung ist, dass die Gebäude z.B. mit zertifiziert ökologischen Materialien (z.B. FSC, PEFC…) gebaut wurden und/oder in der höchsten Energieklasse eingestuft wurden.

Auf Basis der Bewerbungsunterlagen macht die Umweltkommission einen Vorschlag für die Vergabe des Umweltpreises an den Schöffenrat, welcher anschließend darüber abstimmt. Die Höhe des Preisgeldes beläuft sich auf 1.000€ pro Gewinner, mit einem Maximum von drei Gewinnern pro Kalenderjahr. Die offizielle Vergabe des Preises findet Ende des laufenden Jahres statt.

FR La commission consultative de l'environnement invite tous les habitants et associations locales de la commune de Kayl à présenter leurs projets et/ou activités qui remplissent les critères d'attribution mentionnés ci-dessous pour le 15 septembre 2024, en joignant le cas échéant le(s) certificat(s) obtenu(s) et un descriptif et/ou des photos du projet ou de l'activité.

Sont éligibles, les habitants et associations locales dont les projets ou activités remplissent les critères définis dans au moins une des trois catégories suivantes :

**Environnement**
Mise en œuvre de projets d'aménagement d'une valeur écologique et de sauvegarde de la biodiversité, tels que notamment l'aménagement de vergers, haies naturelles, façades vertes, toitures végétalisées, la sauvegarde d'arbres remarquables, la construction ou reconstruction d'un mur sec ;

Activités dans le domaine de l'environnement naturel, notamment l'organisation d'actions de nettoyage, d'activités pédagogiques, la production d'aliments sur base de produits locaux.

**Evénements verts « Green Events »**
Les événements éligibles doivent avoir obtenu la certification « Green Event » du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.

**Immeubles écologiques remarquables**
Sont éligibles, les immeubles qui ont été construits notamment avec des matériaux certifiés écologiques (p.ex. FSC, PEFC…) et/ou qui sont classés dans la classe énergétique la plus élevée.

Parmi les dossiers introduits, la commission de l'environnement fera une proposition d'attribution du prix au collège des bourgmestre et échevins, qui y statuera par la suite. La dotation du prix est de 1.000 € par gagnant avec un maximum de trois gagnants par année civile. La remise officielle du prix aura lieu à la fin de l'année en cours.

**Die Anträge können unter folgender Adresse eingereicht werden:**
***Les candidatures sont à adresser à :***

Administration communale de Kayl
Commission de l'environnement
B.P. 56
L-3601 Kayl

Das Gemeindereglement betreffend den „Ëmweltpräis" (französischer Originaltext) /
*Le règlement communal concernant le « Ëmweltpräis » :*
*https://ohkayl.lu/emweltprais*

*"Een, zwee Glieser wäerte jo net sou schlëmm sinn..."*

# Alkohol a Schwangerschaft?

LU Hautdesdaags weess een, dass och e "bëssen" Alkohol eng Gefor fir de Bëbee duerstellt. Den Alkohol duerchdréngt d'Plazenta ouni Probleem, esou dass de Puppelchen och net virun engem Glas geschützt bleift. Di néideg Enzymer fir den Alkohol ofzebaue si beim Fötus nach net entwéckelt, sou dass dësen dem Alkohol 10x méi laang ausgesat ass wéi d'Mamm. Den Alkohol kann also zu all Moment vun der Schwangerschaft Schied uriichten, besonnesch um Niveau vum Gehier. 19,8 vun 1000 Gebuerte leiden an der Moyenne hei an Europa ënnert de Follge vun Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft, a 25% vun de Fraen drénke reegelméisseg Alkohol weider. D'Follgen dovunner, also déi "fötal Akoloholspektrumstéierung", zielt weltwäit zu der meeschtverbreeter, net genetesch bedéngter Behënnerung. Et geet also net just em schwanger Fraen, et ass ee Problem deen di ganz Santé publique betrëfft.

**Wat geschitt mam ongebuerene Puppelche wann Alkohol konsuméiert gëtt?**
Wéi vill a wéi eng Schied d'Kand duerno huet, kann een net am Viraus definéieren, dëst ass vu ville genetesche Facteuren ofhängeg. Studie weisen awer, dass och ee Glas Follge fir d'Kand kann hunn, an et also kee risikofräit Drénke wärend da Schwangerschaft gëtt. D'Konsequenze loosse sech och net direkt bei der Gebuert definéieren – vill Schied um Gehier stelle sech réischt am Schoulalter eraus, an oft gëtt do och net méi d'Relatioun zum Alkohol an der Schwangerschaft gemaach.
Déi "fötal Alkoholsspektrumsstéierung" bezeechent all d'Effekter op d'Gehier an op de Kierper, déi duerch eng Expositioun vum Alkohol ervirgeruff gi sinn a liewenslänglech bestoe bleiwen. Dës gi vu Konzentratiounsstéierungen iwwert d'Feele vu soziale Kompetenze bis hin zu enger mentaler Beanträchtegung.

**Wéi gesäit d'Missioun vum Quai 57 arcus asbl aus?**
D'Präventioun ka ganz villsäiteg sinn. Mir entwéckelen zum Beispill Affichen a Flyeren déi duerch ganz Lëtzebuerg sollen diffuséiert ginn. Da si mir och amgaangen eng Brochure zum Thema "Keen Alkohol an der Schwangerschaft" mat der Hëllef vun de Spideeler auszeschaffen. Do doniewent bidde mir och Workshops a Konferenzen zu dësem Sujet un a probéieren esou déi Jonk, awer och déi manner Jonk opzeklären.

Dëse Projet gouf am Kader vum "Plan d'Action Luxembourgeois contre le Mésusage de l'Alcool" (Ministère de la Santé) an d'Liewe geruff a gëtt am Moment vun der André Losch Fondation finanzéiert.
Ee grousse Merci och un d'Gemeng, déi mam Ënnerschreiwe vun eiser Charte, eis dobäi ënnerstëtzt de Message "Keen Alkohol an der Schwangerschaft" ze verbreeden an sech esou aktiv fir d'Präventioun vum Fetalen Alkoholsyndrom asetzt.

Wann Dir weider Froen hutt, un engem Workshop oder u Material intresséiert sidd, oder eppes zu dësem Projet bäidroe wëllt, kënnt

Dir Iech gären um Quai 57 mellen: *quai57@arcus.lu* oder um 26480490. Mir freeën eis iwwert all méiglech Zesummenaarbecht.

Text: **Lisa HATTO**, Chargée de mission de la prévention du syndrome de l'alcoolisation fœtale, Quai 57 arcus asbl



# Die Heidelerche

## *ein Juwel der ehemaligen Tagebaugebiete*

**DE** Pinguine in der Antarktis, Vogelstrauße in der afrikanischen Savanne, Auerhühner im Schwarzwald, Weißstörche im Elsass … Heidelerchen in den Minetter Tagebaugebieten. Ein Vergleich, der im ersten Moment vielleicht absurd klingen mag. In Luxemburg gibt es jedoch keine andere Vogelart, deren Fortbestand so eng mit den ehemaligen Tagebaugebieten verbunden ist, wie der Bestand der Heidelerche. In Luxemburg kommen nur noch knapp 35 Brutpaare vor, davon mindestens 28 auf ehemaligen Tagebauflächen zwischen Petingen und Düdelingen. Der Lalléngerbierg (Schifflingen/Esch/Kayl) gilt mit 9 Revieren als Hauptbrutgebiet der Heidelerche. Außerhalb der Minette-Region sind nur noch 2-3 Brutpaare in den Weinbergen der Mosel bekannt. In Luxemburg trägt die Minette-Region demnach eine besondere Verantwortung für den Erhalt und die Förderung dieser europäisch und national geschützten Vogelart.

Nun ist die Heidelerche aber eben kein Weißstorch oder Vogelstrauß, den Laien im Gelände leicht erkennen würden, sondern ein kleiner unscheinbarer Vogel, den die meisten Besucher bei ihren Spaziergängen in den Tagebaugebieten nicht wahrnehmen. Vielmehr besticht sie durch ihren melodischen Gesang, der im Frühjahr überwiegend in den Morgen- und Abendstunden in die Weite der Tagebaugebiete hinausklingt.

**Lebensraum erhalten**

Genau wie wir es als selbstverständlich empfinden, dass andere Länder ihre emblematische Tierwelt schützen, so sollte es auch selbstverständlich für uns sein, dass wir uns für den Schutz der Heidelerche einsetzen. Die Pflege ihrer Lebensräume obliegt der Naturverwaltung (ANF). In der Minette-Region lebt sie auf Trockenrasen mit lückiger Bodenvegetation und Baumgruppen oder einzelnen Bäumen. Zum Erhalt dieser Lebensräume werden verschiedene Pflegemaßnahmen ergriffen, wie vor allem die Entbuschung von stark zugewachsenen Flächen, das Abtragen des Mutterbodens bis an das Gestein sowie die Wanderbeweidung mit Schafen.


**Lebensraum respektieren**

Doch auch den Besuchern der ehemaligen Tagebaugebieten kommt Verantwortung zu. Als Bodenbrüter, die ihre Nahrung am Boden aufstöbern sind Heidelerchen äußerst störungsempfindlich. Jedes Aufscheuchen kostet die Vögel Energie, wobei regelmäßige Störungen zur Brut- oder Revieraufgabe führen können. Um dies zu vermeiden, sollten sich Wanderer und Mountainbiker strikt an das bestehende Wegenetz halten und ausgewiesene Ruhezonen konsequent meiden. Auch Hundebesitzer sollten sich bewusst sein, dass herumlaufende Hunde von den Vögeln als Gefahr wahrgenommen werden und entsprechende Fluchtreaktionen auslösen. Stöbert ein Hund ein Reh oder einen Hasen auf, so fällt dies dem aufmerksamen Hundehalter auf und dieser ruft den Hund zurück. Eine aufgescheuchte Heidelerche fällt jedoch kaum jemandem auf. Darum ist es umso wichtiger unsere vierbeinigen Freunde während der Brutzeit, von März bis September, stets an der Leine zu führen. Wir danken allen Besuchern, die sich an die ausgeschilderten Bestimmungen dieser schönen Naturschutzgebiete halten!

Das Lebensraum-Management und die Besucherlenkung scheinen auf jeden Fall Früchte zu tragen. Zwischen 2019 und 2023 ist der Brutbestand der Heidelerche in den Naturschutzgebieten von 19 auf 28 Paare gestiegen.

Text: **Jan HERR**

NATURA 2000
COPIL Minetter Dagebaugebidder




# SEA Widdem C1

*Op Besuch bei de Pompjeeëen*










Service d'éducation et d'accueil
www.seakayl.lu





# Anti-Gaspi

*Foire Anti-Gaspillage*




**LU Am Januar 2024 konnt d'Schungfabrik déi éischt Kéier d'Anti-Gaspi Ausstellung vum Landwirtschaftsministère empfänken.**

Wärend 4 Deeg konnten d'Kanner aus dem SEA an aus der Schoul d'Ausstellung besiche goen. Et sinn och Aktivitéite fir d'Kanner an dësem Kader ugebuede ginn.

Follgend Theme sinn ugeschwat ginn:

- Wéi kënnt et iwwerhaapt zur Verschwendung vu Liewensmëttel?
- Clever Akafen: Wat brauch ee wierklech? Wisou ass eng Akafslëscht wichteg?
- Optimal lageren, fir dass d'Iesswuere méi laang hale kennen.
- Kreativ Kachen: Wat kann een alles mat den Iessreschter kachen?
- Richteg portionéieren: Mir kachen nëmmen esou vill, wéi mir wierklech brauchen.







Well et grad esou wichteg ass, och Erwuessener zu dem Thema ze sensibiliséieren, gouf eng Porte Ouverte de 25. Januar 2024 vum SEA Personal organiséiert. D'Eltere goufen zum Thema Anti-Gaspi beroden a konnten d'Partner vum SICONA an EUREST kenneléieren, déi lecker Anti-Gaspi Rezepter ze schmaache proposéiert hunn.

Text: **Angela DE MICHELE**, Coordinatrice Santé

**Service d'éducation et d'accueil**
**www.seakayl.lu**



# First Lego League

## *Widdego*



***Wat ass d'First Lego League?***
Bei der First Lego League ginn elementar Liewenskompetenze geférdert, zum Beispill e léisungsorientéiert Handelen, d'Kommunikatioun an d'Kollaboratioun ënnert de Kanner. Dëst unhand vu véier Aufgaben, zu deenen d'Kanner bewäert ginn. Dëst sinn d'Robot Game, de Fuerschungsprojet, d'Core Values an de Roboterdesign.

***Firwat hu mir bei der First Lego League matgemaach?***
D'Participatioun kënnt doduerch, dass de Coach (an deem Fall den Enseignant) d'Kanner bei der First Lego League ugemellt huet, nodeems den Deskriptiv gelies ginn ass a sech erausgestallt huet, dass d'Programmatioun mat Lego Education eng vu villen Haaptrollen anhëlt. D'Gemeng huet eis dobäi finanziell ënnerstëtzt, well dëse Projet mat deem verbonnene Material Käschte mat sech bréngt.

***Géint wie si mir ugetrueden?***
Mir si géint 52 Ekippen aus dem ganze Land ugetrueden. Dorënner fale Klassen aus der Grondschoul ab dem Cycle 4, awer och Lycéesklassen.



LU „Et war mega flott", „et huet een eis duerch de ganze Forum héiere beim Ufeieren", „mir hunn nei Inhalter entdeckt", „mir hu gutt zesummegeschafft", „mir haten ee gudde Coach" oder „gutt, dass den Här Lehrer méi laang mat eis an der Schoul war fir eis virzebereeden" si just e puer éischt Aussoe vun de Kanner.
Dës Andréck dokumentéieren, wat fir eng Freed a Motivatioun d'Schüler vum Pol Daix wärend der Veranstaltung déi Deeg selwer an och wärend der ganzer Preparatioun un den Dag geluecht hunn. Well bis een zu deem phenomenale Resultat komm ass, huet et am Viraus fir d'Kanner geheescht, sech informéieren, sech preparéieren an och déi eng oder aner Iwwerstonn aleeën.

Nodeems d'Gemeng duerch hir Ënnerstëtzung gehollef huet, dass de Projet konnt stattfannen, d'Umeldung gemaach war an d'Material an der Klass present war, huet et an enger éischter Phas geheescht déi verschidde Missiounen zum Robot Game opzebauen. „Dat huet immens Spaass gemaach, mee wann een sech geiert huet, huet ee missten ëmbauen, domadder et beim Programméiere klappt" erklären d'Lizzy an den Jayden.
Well bei der First Lego League véier Punkten evaluéiert ginn, huet ee sech misse Gedanke maachen zum Robot Design, dem Robot Game an dem Fuerschungsprojet. De véierte Punkt hunn d'Core Values duergestallt, wei gutt d'Kanner matenee geléiert hunn. Dësen Aspekt huet sech am Laf vun der Preparatioun stänneg gesteigert an huet säin Héichpunkt op der Veranstaltung selwer gehat.

„Beim Fuerschungsprojet hu mir eis verschidden Themen ausgesicht, dono hu mir eis als Klass fir d'Thema méi Beweegung fir d'Kanner entscheet", erkläert den Elyas. Dëst Thema ass gewielt ginn, well „mir fannen, dass mir Kanner eis ze wéineg beweegen" argumentéiert de Lio de Choix vum Fuerschungsprojet.
Beim Programméiere mam Lego-Roboter ass léisungsorientéiert geschafft ginn. „Ech hu gutt fonnt, dass d'Ekipp vun de Programmeuren ni opginn huet, wann eng Missioun net direkt geklappt huet, mee ëmmer weidergemaach huet", lueft d'Dalila d'Ekipp ronderëm d'Programmeuren. „Et ass mir schwéier gefall, mech freides moies komplett ze konzentréieren, well d'Virfreed op de Mëtten an d'Programméieren immens grouss war. Donieft huet et immens vill Spaass gemaach, déi verschidden Deeler zum Roboter zesummenzebauen, fir beschtméiglech all d'Missiounen ze léisen", erzielt de Fynn, ee vun de Programmeuren.

Den 22. Februar hu mir eis am Forum Geesseknäppche mat lauter aneren Ekippen aus dem ganze Land erëmfonnt. D'Zil war et, dat bescht ze maachen a bei enger éischter Participatioun esou vill Erfarunge matzehuele wéi et nëmme geet fir dat nächst Joer.
Nodeems d'Kanner de Liveticker verfollegt hunn, hu si bemierkt, dass se beim Programméiere richteg gutt géife leie mat 255 Punkten. De Fuerschungsprojet gouf flott, ënnerhalsam vun de Kanner virgestallt.
Den Dag drop, gouf et an der Klass just eng Fro „Här Lehrer, hues du schonn eng Noriicht krut, ob mir an der Finall sinn?". Dëst, well iwwert dräi Qualifikatiounsdeeg déi 24 beschten Ekippe gesicht goufen an e Freiden nach esou ee Qualifkatiounsdag stattfonnt huet. D'Kanner misste sech nach bis mëttes gedëllegen, bis dunn d'Noricht koum, dass mir, „Widdego" an der Finall um Samschde wieren. D'Freed war riseg, d'Kanner hu mam Klassentelefon den Elteren direkt Bescheed gesot an och, dass et e weidere Freideg gëtt, ob deem si eréischt gutt no 18 Auer d'Schoulgebai verloossen. Dem Här Buergermeeschter gouf ugeruff fir hien z'informéieren an nozefroen, ob hien eis muer ënnerstëtze kënnt an hien huet de Kanner direkt seng Zouso ginn a war de ganze Samschden iwwer do fir si z'ënnerstëtzen, wat déi ganz Ekipp appreciéiert huet.

Um Samschden, nodeems freides bis bal 19 Auer programméiert ginn ass, weider u Plakater, engem Logo geschafft ginn ass, war dann den Dag vun der Finall.
D'Kanner ware voller Energie trotz ganz wéineg Schlof, mee hunn hir Saach aussergewéinlech gutt gemaach. Et war mega wei et duerch de Forum „Widdego" geschaalt huet, d'Kanner beim Programméieren 315 Punkte gemaach hunn a sech nach eemol iwwertraff hunn.
Text: **Pol DAIX**

# Event-Agenda

SUMMER/*ÉTÉ*
2024

**07.06 – 29.09**

## Vélocité – La Vallée des Champion.nes

*Exposition*




**Do.**|*je.* - **So.**|*di.* **14h00 – 18h00**

**Eng Ausstellung iwwert méi wéi 100 Joer Vëlosgeschicht am Käldall, mat engem erweiderte Programm dee Konferenzen, Workshops an en historesch inspiréierten Tour mam Vëlo ëmfaasst.**
*Une exposition sur '100 ans de cyclisme à Kayl et Tétange, avec un programme-cadre comprenant des conférences informatives, des ateliers participatifs et un tour à vélo d'inspiration historique.*

◉ **Musée FERRUM**
14, rue Pierre Schiltz
L-3786 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.schungfabrik.lu

**13.06** **19h30**

## Café des langues

◉ **Café An Hussen**
77-79, rue des Légionnaires
L-3780 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.lu

**21.06**

## Fête de la Musique 2024

*All Reitz Reserved, Rome, New Model Army*

◉ **Place Brill**

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.lu

**22.06**

## Virowend Nationalfeierdag

*Eltonology, Lasershow, Mental Coverband*

◉ **Place Brill**

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.luwww.schungfabrik.lu

Agenda
www.kayl.lu

Agenda
www.schungfabrik.lu

**D'Eventinformatioune gi reegelméisseg op eis Sitte gesat an aktualiséiert.**
*Les informations concernant les événements seront régulièrement publiées et mises à jour sur nos sites.*

## 03.07 | 15h00 à 18h00

### Thé Dansant

**◉ Schungfabrik**
14, rue Pierre Schiltz
L-3786 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.schungfabrik.lu

## 05. & 06.07

### Blues & Jazz am Park Hummerland

**Vendredi 05.07.2024**
20:15 Ramblin' South
21:30 Lukas Ferraz

**Samedi 06.07.2024**
20:15 Veda Bartringer Quartet
21:30 Klein

## 11.07 | 19h30

### Café des langues

**◉ Café Um Rondpoint / Beim Petz**
42, Grand-Rue
L-3650 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.lu

## 02. – 04.08

### Summer-Kiermes

*Kermesse d'été*

**◉ Park Ouerbett**
16, rue du Moulin
L-3660 Kayl

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.lu

## 22.09

### Stroossefestival

**◉ Parc Hummerland**
14, rue Pierre Schiltz
L-3786 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.kayl.lu

## 22.09

### Journée des Mineurs

**◉ Schungfabrik**
14, rue Pierre Schiltz
L-3786 Tétange

Méi Informatiounen/*plus d'informations* :
www.schungfabrik.lu

**Abonnéiert elo eis Schungfabrik-Newsletter! Sidd ëmmer beschtens informéiert iwwert d'Eventer aus der Schungfabrik an d'Ausstellungen am Musée Ferrum. Schreift Iech hei an:**
*Abonnez dès maintenant la Schungfabrik-Newsletter ! Restez informés sur les événements à la Schungfabrik et les expositions au Musée Ferrum. Inscrivez-vous en suivant ce lien :*
**www.schungfabrik.lu/agenda**

# Infos
*& Contacts*

**RÉCEPTION ET CENTRAL**
Tél. : 56 66 66-1
**SECRETARIAT**
Mail : commune@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-261
Fax : 56 66 66-525
**BIERGERZENTER**
Mail : biergerzenter@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-262
Fax : 56 66 66-505
**SERVICE FINANCIER**
Mail : finances@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-263
Fax : 56 66 66-515
**SERVICE EVENEMENTIEL**
Mail : evenementiel@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-269
Fax : 56 66 66-525
**SERVICE RELATIONS PUBLIQUES**
Mail : relations-publiques@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-267
**SERVICE DE L'ENFANCE**
Mail : enfance@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-268
Fax : 56 66 66-525
**SERVICE DU PERSONNEL**
Mail : personnel@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-265
Fax : 56 66 66-525

**SERVICE TECHNIQUE**
Mail : technique@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-264
**SERVICE URBANISME**
Mail : urbanisme@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-266
**PERMANENCE TECHNIQUE**
En dehors des heures d'ouverture
Tél. : 24 66 1-624
**SERVICE D'ÉDUCATION ET D'ACCUEIL (SEA)**
Mail : sea@kayl.lu
Fax : 26 56 74-28
SEA Widdem: 621 790 287 / 621 248 789
SEA Faubourg : 621 362 333
SEA Ale Faubourg : 621 310 690
SEA Tétange : 621 310 670
SEA Zwergeland/Alexandra : 621 201 030
**BÂTIMENTS SCOLAIRES**
Écoles de quartier Kayl-Widdem (r.d.ch.) : 56 66 66-810
École Kayl-Faubourg (r.d.ch.) : 56 66 66-831
École Tétange (r.d.ch.) : 56 66 66-901
École préscolaire « Princesse Alexandra » : 56 66 66-931
Éducation précoce « Zwergeland » : 56 66 66-953
**OFFICE SOCIAL KÄLTÉITENG**
82, rue de Tétange L-3272 Tétange
Mail : office.social@kayl.lu
Tél. : 56 66 66-480
(8h00-11h30 / 14h00-16h00)
Fax : 56 66 66-489

# Impressum

**ÉDITEUR RESPONSABLE**
Collège des bourgmestre et échevins

**COORDINATION**
Service relations publiques

**RÉDACTION**
Comité de rédaction Magasinn

**PHOTOS**
Black Magic Tea
Administration communale de Kayl

**RÉALISATION GRAPHIQUE**
Kaiwa Studio

**IMPRESSION**
Imprimerie HEINTZ

Kaiwa Studio

KÄLTÉITENG

OhKäl!
DE MAGASINN